



Vakanzebicher

Et kann haut wierklech kee méi soen, datt een an de Bicherbutteker näischt Giedeleges op Lëtzebueresch geng fannen. A wéi wier et, wann een sech emol an deer "Cornichongszäit" eng Stännchen oder zwou gif huelen, fir an de Stellagen (firwat 'Regalen?') duerno ze glannen? Dobäi kann och **all Zort vun Dictionnaire/Wierderbuch oder Léierbuch** intressant sinn... et gëtt der ewell gräppweis; déi "Nei Grammaire" dierft méi ewéi engem en "ohoaha" erauslackelen; "ech kennen OCH Lëtzebuerg" vun der ASTI ass mat enger CD dobäi ze kréien; dem Luc Schiltz säi "Lëtzebuergesch schwätzen" weist iech en intressante Bléck a Wee op eis Sprooch; **frot emol no deem wonnerbare "Vaubang" vum Adel Weis**, e Genoss... an all déi Saachen hunn e verstännege Präiss!

Wien et e bësse méi nodenkerlech a sproochlech als Schlabäizche wëllt, dee kann nom Jeanine Theis-Kauth senge «Spréhelcher a Geschichte» kucken (Edition Actioun Lëtzebueresch) oder no dem La Fontaine senge Fabelen an eiser Sprooch; firwat net och un d'Bicher vum Roger Manderscheid, vum Guy Rewenig, vum Raymond Schaack denken? Djee, et ass wierklech genuch do...wann ee wëllt.

Hei wëlle mir ower och eng Fra net vergiessen, déi ewell en etlech wonnerléif Saache mat méi reliéisem Charakter erausginn huet, d'Madame Elly Schmit-Weber. Hirt neist Bichelchen heescht: "et ass ni ze spéit / Kraaft an Trouscht"...a wie bräicht dat net, fir sech selwer oder fir anerer. D'Buch kascht 12,80 €.

d'Publikatioun iwwert de Kultur-Wee an d'National-Monument RODANGE-REENERT WOLZ

ass an der Dréckerei a gëtt am Juli fäerdeg; si kënt direkt an d'Bicherbutteker an och an d'Wëlzer Gemeng. Eis Membren a Sponsore kréien se Enn August geschéckt, well der an der Vakanzenzäit vill net "do" sinn.

Wat ass dran?

- vill intressant Illustratiounsmaterial!
- e Wuert vum Wëlzer Buergermeeschter
- a vun der Madame Minister Erna Hennicot
- d'Geschicht vum Monument (L.R.)
- d'Ried vum Här Dechen Léon Kirch (1997)
- Situatiounsplang vum Kultur-Wee zu Wolz (A.D.)
- de Kënschtler Ad. Deville
- d'Aweigung vum 22. Juni 2004 (Monique Hermes)
- de Rodange an de Reineke-Fuchs-Stoff (R.Muller)*
- «Renardus Rodange»? (R.Muller)*
- REENERT, ein Europäer der ersten Stunde (L.R.)
- Satire politique et sociale dans le 'Renert' (Nic.Ries)
- REENERT et le 'Roman de Renart' (Valérie Sassel)*
- komplett alphabéitesch Lëscht vun alle Sponsoren
- Format DIN A5 – 120 Säiten

Präiss/ Bicherbuttek: 6.50 €

* original-nei wëssenschaftlech Texter

Klak a klaken?

Datt eng Hellewull Ausdréck an eiser Sprooch aus dem Däitschen a Franséschen hierkommen, ass gewosst a vrun allem keng Schan. Mir hu jo ewell hei geschriwwen, datt de ganzen englesche Sproochraum ouni dat Germanesch oder **dat Franséisch eidel wéi eng Eeërschuel** wier. D'Englänner brauche sech jo och net dofir ze genéieren, datt si fir eng "Spillschoul" nach ëmmer beim *kindergarten* hänken, an d'Russen trotz Dostojewsky an Tolstoi och net, déi fir eng "Schmier" nach bis haut näischt anescht fonnt hu wéi *Butterbrot*.

Intressant ass et ower, sech emol mat dësem oder deem Wuert ofzeginn, dat *aus enger anerer Sprooch an d'Lëtzebuergesch era gelaf ass, d'Bedeutung ower net voll ugeholl, se geännert oder méi wäit opgemaach huet*, Beispill: dat franséisch la *claque* an d'Verb *claquer*. Hei kënt een och vill méi wëssenschaftlech a vermengt vu "Paradigmewissel" schwätzen... mä mir halen äis léiwer mat deenen "einfache Leit" op; bei deene lieft d'Sprooch an net am Linguiste-Jargon!

Mir hunn och "eng Klak", mä dat ass am Sënn vun enger (décker) 'Rechnung' bezuelen; heiansdo gëtt och e Revolver esou genannt... et huet ower als Substantiv ni mat "enger op de Bak" ze dinn. Kuckt emol am 'Klinge Larousse' no, wat alles mat *claque* ze dinn huet, ower dem Sënn no knapps eppes mat eisem Gebrauch. Beim Verb ass et dselwecht: *claquer* heescht am Franséische villerlee, mä net "knuppen, geheien, eng wéitschen...". Ech weess: dat ass net wichtig; mä et ass esou sëllesch intressant, wat villen net wichtig schéngt... a wéi heescht et am Sprooch: Besser doriwwer schwätze wéi Leit be...gladderer, gelldir. ■ P.W.

Marcel REULAND *1905

Esou wéi versprach, bréng mir och an dëser KLACK, a bis d'Nummer 115 am Dezember, all Kéier e Gedicht vun «eistem» Marcel Reuland.

Ee vun de beschte Lyriker / Sänger am Lëtzebuergesch huet dee Putsch Blummen als Merci verdéngt... vläicht ka jo e verstopptent lyrescht Talent hei Stuel (=échantil-lon) a Middel (=modèle) fir sech selwer entdecken.

Schéi wier et, wann der méi genge wëlle verstoe kënnen, datt eis Sprooch méi räich ass wéi mir «sproochräich» sinn!



"Weicherdange", Jean Freimann (1942-2004)

MËTTESSTONN

*Eng Handvoll Haiser am Wisegrönn
an e bloen Himmel voll Summersonn.*

*Den Hank aus rabbelt e Won op d'Gewan,
eng Fouer Hëtzt an e schléifregt Gespan.*

*Enzwousch an de Gaasse ramouert de Schmatt,
ma soss keen Toun, tèscht de Maure keen Tratt.*

*D'Hëtzt ziddert laanscht d'Haiser, keen Hunn, dee kréit,
keen Hauch, deen en Hallem um Flourer béit.*

*An dobausse stinn d'Gaarwe, Kaascht u Kaascht,
op de Bauer ze waarden, e stolze Laascht.*

An elo?

...maache mir och mat eiser KLACK Vakanz. D'Nummer 113 fannt dir samschdes, den 1. Oktober an ärer Zeitung. Do fänke mir dann och mat enger klenger **Photo's-Rubrik** un: "**wou ass dat Bild geholl, a wat ass et?**". Et gëtt all Kéier e Bicher-Präiss fir déi dräi éischter Leit, déi dat Richtegt fannen an äis et iwwer de FAX oder den E-mail eraschécken. Den Detail also den 1. Oktober.

...schéi Vakanz fir iech alleguer, hei-heem oder bausst dem Land; schreift är Kaarten och alt emol op Lëtzebuergesch; kommt gutt a gesond erëm...an dann och nees zou iech!

1971 ...

hate mir äis bei der Grëndung vun der ACTIOUN-LËTZEBUERGESH virgeholl, eiser **Sprooch hir Rechter** do ze verschafen, wou si der verstännegerweis zegutt huet. Et kann ee jo wierklech net soen, datt mir net "Fouss bei Mol" gehal hunn... och nach no 34 Joer!

Déi Jore virdrun haten dichteg a fläisseg Sproochwëssenschaftler op hirem Plang, an hire Spezialitéiten eng Aarbecht geleescht, déi mir ëmmer an iwwerall respektéiert hunn an ze éiere wëssen. Dat och nach haut. **D'Wëssenschaft** ass eent, d'Theorie, d'Analys, d'linguistesch "Approche" si wichteg an néideg Elementer. Ower **d'Praxis**, de Gebrauch, d'Akzeptanz "bei de Leit", déi ginn aner Weeër! Mat Sproochwëssenschaft schaaft ee keen **Émfeld**, an deem eng Sprooch liewen, erhal gin a weiderkomme kann!

E Verglach: Et kann een **un enger Läch verschneiden** a verschnëpelen, obduziéieren, sezéieren an analyséieren a soen, "mat" wat dee Mënsch gestuerwen ass, wat hie giess huet, wéi hie gelieft huet asw. Ower dee beschte Patholog kann den Doudegen och am modernste Laboratoire net méi lieweg maachen. Dat ass jo och net seng Mission!

Um Liewen halen, erëm op d'Been bréngen, dat ass d'Aarbecht, d'Kennen a Kënnen aus der **PRAXIS vun den Allgemengmedezinner**, den Detail-Spezialisten a Chirurgen. Si froe wéi, wéini, wat "emol" war an ass ('anamnèse'); si ënnersichen, analyséieren an entscheeden sech fir eng Diagnos. Duerno gëtt an alle Fäll gekuckt, wat ee ka maachen a mat watfir enge Mëttelen: gudder Rotschléi, Medikamenter, Operatioun, Rehabilitatioun.

Op eis Sprooch gedréint, ass dee Verglach jo lücht ze verstoen: Mir wëllen net, datt si (muttwëlles) stierft; si ass plazeweis krank oder läit 4. Klass am Spidol! Mir schaffen, an der **SPROUCH-PRAXIS**, fir hir ze hëllefen. Datselwecht kann ee vun all eise Schreiwerten a Schreiwesche soen... a mir sinn dobäi fir alles frou, wat wëssenschaftlech, privat oder offiziell, fir si gemaach gëtt. Egal wou, egal wéi an egal vu wem! Dir net? ■ L.R.



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).